# d'Peffermillen

Dass an der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg nach munnechen Awerglawen a munech Magie zirkuléieren, as dem Koschter näischt neits. De Kapp rëselen muss en awer, wann en héiert, dass den Här Bëschof a säi Sekretär esou Spillercher matman. Bei der Haupeschfeier dëst Joer woren se sech nët ze schued no der Mass, di am Radio iwerdroen gouf, fir d'éischt d'Déieren ze seenen (wat soll dat?) an dono konnt d'Juegd lassgoen! Wa Kanner gedeeft gin, wou weder si nach d'Elteren gleewern, dann as dat schon eng theologesch zweiwelhaft Saach. Ma sou Aktiounen wi déi no der Haupeschmass dierften och di lescht nach un d'Zweiwele brengen, op d'Kierch sëlwer ët seriö hëlt mat hirem Glawen. m.p.

*

Als Merci fir loo gratis Busheisercher huet d'Gemeng Letzebuerg bei enger Paräiser Firma sechs elektronesch Zeitungen gelount, déi dem Bierger och ënnerwee di lescht Noriichte vum Knuedler solle matdeelen. Ma well nach nët genuch Akzidenter di lescht Woche geschitt sin an ët jo d'Jor vun der Verkéierssëcherheet as, huet se di 6 "Liichtzeitungen" op vill befuere Kreizungen gestallt: da gesin och vill Chauffeuren se, si gespaant op di next Säit an ... knuppen deem Auto virdrun hannendran. Ons Garagisten dierften der Gemeng merci soen. De Koschter waart awer säit de Wale vun 1975 drop, dass d'Gemeng op zentrale Plazen an der Stad de soziokulturelle Veräiner d'Méiglechkeet get, gratis Plakater opzehänken fir op hir Aktivitéiten opmierksam ze man. ff


*

Fir de Weltfriddensdag haten d'Lëtzebuerger Dages- a Wochenzeitungen op Uerder (!) vum Aussenminister, all hir Säiten opgemaach fir Kommentären vun der Konferenz zum Thema Fridden. All woren se d'accord, jhust d'KP-Zeitung hat den Anschluss verpasst. (T'hu keng ideologesch Grënn matgespillt!) Keng wor sech der Hypokrisie ze schued, an all hun se dem LW-Vertrieder sengem Wonsch entsprach, fir näischt ze schreiwen, wat hie nët kënnt verentwerten an senger Zeitung. E schéint Beispill fir de Pluralismus an der Lëtzebuerger Press! lim

*

Een natirlech anonymen Lieser fënt et am LW vum 29.11. "unerträglich", datt e Vertrieder vun der Homosexuellen-Initiativ an der UKW-Sendung "Chef-Redakter fir eng Stonn" zu Wuert koum. Zitat: " Wenn solche Individuen mit ihrer 5o-"Mann"-Anhängerschaft schon von der Gesellschaft toleriert werden, so sollen diese Typen sich doch gefälligst klein halten und die normallebenden Leute in Ruhe lassen. Ihre abnormen Geschlechtstriebe interessieren diese nämlich einen feuchten Kehricht!! Armes Luxemburg, hast du Probleme!!!" Dës anonym Intoleranz weist, datt nach vill weider esou Sendungen noutwendeg sin!!!! Christ

## interna



Für das Einsamkeitsdossier in dieser Nummer hat unser Karitakurist Franz Markus mehrere Karikaturen gezeichnet. Ganz besonders gefreut haben wir uns über das Bild S. 23, wenn unsere Freude auch ein wenig getrübt ist. In der Tat ist die Karikatur ein Abschiedsgeschenk von Franz, der zusammen mit Angelika nach Lima geht, wo beide als Entwicklungshelfer arbeiten wollen. Mit ihm verliert "forum" zwar einen guten Karikaturisten, gewinnt aber einen Lokalreporter in Peru! Wir hoffen, dass die Erwartungen von Franz und Angelika sich erfüllen und wir wünschen ihnen viel Glück und Erfolg.

*

Da "forum" nur alle sechs Wochen erscheint, können wir nicht auf alle wichtigen Ereignisse sofort reagieren. Um trotzdem kurzfristig zu prägnanten Themen Stellung nehmen zu können, die in der Tagespresse zu kurz kommen, wie Entwicklungspolitik, Umwelt oder Frieden, gibt es ab dieser Nummer einen Magazinteil. Kurze Artikel, Exzerpte aus anderen Zeitungen und Karikaturen sollen in gelockerter Form einen Ueberblick über spezifische Aspekte geben. Der Titel "Magazin" ist provisorisch ebenso wie das Layout noch nicht definitiv ist. Wir wären froh, wenn unsere Leser uns ihre Meinung zu dem Konzept dieser neuen Rubrik mitteilen würden.

*

Unsere nächsten Dossiers behandeln voraussichtlich folgende Themen:

| | |
|---|---|
| Nummer 93 | Wirtschaftliche Zukunft Luxemburgs (Teil I.) |
| Nummer 94 | Wirtschaftliche Zukunft Luxemburgs (Teil II) |
| Nummer 95 | Alternative Medizin |
| Nummer 96 | Probleme im "Secondaire technique" |